

Woit 21/10/2020

## Briefe an die Redaktion

Mitt

# Ambitiéis Ziler oder Klimaplacebo

Iwwer d'Reduktioun vun den Zäregasemissiounen bis 2030

An der Ried zur Lag vun der Natioun ass bekräftegt ginn, datt Lëtzebuerg bis 2030 un der Reduzéierung vun den Zäregasemissiounen ëm 55 Prozent par rapport zu 1990 festhält. Dat Zil wär ambitiéis, awer net just theoretesch. Zitat: „Et ass reell a fir eis och realistesch Zil.“

No den Zuele vun Eurostat (Stand 2018) misste mer dofir bis 2030 eis aktuell Emissiounen nach ongeféier halwéieren. De japaneschen Ekonomist Yoichi Kaya stellt d'Evolutioun vun den Zäregasemissiounen duer als e Produkt vu véier Facteuren: d'Populatioun, de PIB pro Awunner, den Energieverbrauch am Verhältnes zum PIB, an den CO<sub>2</sub>-Gehalt vum Energieverbrauch (vum IPCC genotzte Modell).

Bei den zwee leschte Facteuren, der sougenannter Kuelestoffintensitéit vun eiser Wirtschaft, hu mer no den Zuele vun Eurostat säit 2010 eng järelech Reduzéierung vun duerchschnëttlech 4,9 Prozent, déi gréisstendeels awer nees duerch eis Wirtschaftssystem kompenséiert gouf. Wann d'Kuelestoffintensitéit am selwechte Mooss weider ofhëlt ewéi déi Jore virdrun, dann ergëtt sech fir dësen Indicateur bis 2030 eng Reduzéierung vu ronn 45 Prozent.

Hei sinn an den nächsten zéng Joer manifestement keng Quantspreng méi ze erwaarden: Als best practice fir déi weider Dekarboniséierung gëtt an der Ried déi onvermeidlech Wandenergie genannt, déi awer haut schon enorm Problemer huet bei der Integratioun souwuel um Terrain wéi och an d'Stroumnetz an och an de Stroummaart.

Narrativ versus Fakten: D'Wandenergie huet haut mat 281 Gigawattstunden (ILR Stand 2019)



D'Wandenergie huet haut schon enorm Problemer bei der Integratioun souwuel um Terrain wéi och an d'Stroumnetz an och an de Stroummaart, schreift de Paul Heinen. Foto: Guy Wolff / LW-Archiv

en Undeel am Energieverbrauch vu fënnf Promill a reduzéiert domat eis Zäregasemissiounen theoretesch ëm acht Promill. All eenzel Wandanlag huet domat e Potenzial vun engem Zéngtelpromill Undeel beim Energieverbrauch a beim Klimaschutz. De Klimaplang projezéiert fir 2030 eng Wandstromproduktioun vu 674 Gigawattstunden, d. h. ronn 1,3 Prozent vun eisem Energieverbrauch.

Bei allem politesche Lobbyismus bleibt d'Wandenergie also just e Klimaplacebo mat vollekwirtschaftlechen an ëmweltschiedleche Niewewierkungen. Wéi kréie mer elo eis Emissiounen halwéiert?

No verschiddezen Zenarien vum Statec wiest eis Populatioun bis 2030 ëm duerchschnëttlech zwee Prozent pro Joer. Fir d'Klimazil ze errechen, misst deemno de PIB pro Awunner bis 2030 ëm

ronn 30 Prozent reduzéiert ginn. Reell a realistesch?

Dat wier vun elo un all Joer eng Kontraktioun vun eiser Ekonomie vu ronn dräi Prozent. Wat dat an eisem aktuelle Wirtschaftssystem heescht a wéi eng sozial Konsequenzen domat verbonne sinn, si mer dëst Joer gewuer ginn, a wäerte mer och nach déi nächst Jore ze spiere kréien.

Oppe Fro un d'Regierung: Wéi eng Perspektiv krute mer schlussendlech hei presentéiert? Déi vun enger wirtschaftlecher Relance mat Klimaplaceboen, oder drifte mer mat engem verbindleche Klimaschutzgesetz of an eng autoritär wirtschaftlech Kontraktioun mat Steieren, Verbueter a sozialem Misär? PIB oder CO<sub>2</sub>? Op wéi vill Auer réckele mer d'Stonn vun der Wourecht?

Paul Heinen,  
Schoos